

# AUGUST 2014 N° 37



# FËSCHBER GEMENGEBLAT

**Layout:** Ren Spautz

**Redaktioun:** Dany Hermes, Andrea Wagner, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

**Mataarbechter:** Patrick Delmarque, Olivier Molitor, Gina Hermes, Chantal Fohl, Luss Brosius, Simone Majerus, Jean Leick, Marie-Louise Haas, Paul Provost, Edmond Haas, Fränk Daems, Martine Simone, Luss Karier, Triny Fischbach, Carlo Kraus.

**Drock:**
Faber Printservices & solutions, Miersch

**Seite 1:** Päiperlek / Ren Spautz
**Seite 2:** Virwuert
**Seite 3:** Bazar
**Seite 4:** Klibberkanner
**Seite 5:** Klimapakt-Konferenz
**Seite 6:** Naturpark Mëllerdall
**Seite 7:** Naturpark Mëllerdall
**Seite 8:** Olivier Molitor
**Seite 9:** Olivier Molitor
**Seite 10:** Hobby-Seite
**Seite 11:** Hobby-Seite
**Seite 12:** Eng nei Camionette
**Seite 13:** Ausfluch CTF
**Seite 14:** 1. Kommunioun
**Seite 15:** Senioreveräin Dagesausfluch
**Seite 16:** Schoulweebegleeder
**Seite 17:** Schoulweebegleeder
**Seite 18:** Gemengesëtzung
**Seite 19:** Gemengesëtzung
**Seite 20:** Gemengesëtzung
**Seite 21:** Gemengesëtzung
**Seite 22:** Gemengesëtzung
**Seite 23:** Konveniat der Jahrgänge 1960-1964
**Seite 24:** Schatzkëscht
**Seite 25:** Schatzkëscht
**Seite 26:** 1. Mee
**Seite 27:** Nationalfeierdag
**Seite 28:** 50 Joer Theaterveräin
**Seite 29:** 50 Joer Theaterveräin
**Seite 30:** Schoulfest
**Seite 31:** Schoulfest
**Seite 32:** Kiircheplaz a Bierengerstrooss
**Seite 33:** Märchestonn am Cycle 1
**Seite 34:** Gebuertsdagsfeier
**Seite 35:** PacteClimat
**Seite 36:** PacteClimat

**Redaktionsschluss: 29. November 2014**



## VIRWUERT

Léif Biergerinnen a léif Bierger

Mir si matzen am Summer an dëst Joer scho vill vun der Sonn verwinnt ginn. Mee och de Reen huet eis bis elo net am Stach gelooss.

Am Alldag si mir eis vläicht net ëmmer bewosst wéi wichteg eist Waasser ass.

Zanter e puer Wochen ass eis nei Quell am Laangegronn a Betrib.

Am Fréijoer 2015, den 21. Mäerz, hu mir e Waasserdag bei eis an der Gemeng virgesinn. Mir plangen elo schonn drun Iech eis Installatiounen an d'Servicer virzestellen. Och wäerte Virträg gehalen an Atelieren organiséiert ginn. Et ass sécher fir jiddereen eppes derbäi.

Da wollt ech nach op zwee aner wichteg Datummer agoen.

Den 8. November ass zu Lëtzebuerg den Nationalen Dag vum Baam. Eis Gemeng ass dëst Joer den offizielle Site dofir. Deen Dag gëtt och de Bongert zu Schous ageweit.

Den Dag drop, den 9 November, ass bei eis zu Fëschbech, zu Noumer an an der Fiels de Referendum, wou Dir décidéiert, ob et zu enger Fusioun vun deenen 3 Gemengen no de Wahle vun 2017 kënnt.

Deem viraus ginn Informatiounsversammlungen, Spriechstonnen an d'Editioun vun enger Brochure.

Et ass e ganz wichtege Schrëtt an der Entwécklung vun eiser Gemeng.

Ech perséinlech sinn der fester Iwwerzeegung, dass déi Erausfuederungen, di elo an Zukunft op d'Gemengen duerkommen, net kënnen a wäerten an enger Gemeng mat 1100 Awunner geléist ginn.

D'Komplexitéit vun de Servicer an d'Disponibilitéit kënnen am 21. Joerhonnert net méi efficace garantéiert ginn, guer net ze schwätze vun der Finanzéierung vun den néidegen Infrastrukturen.

Dofir schaffe mir an den nächsten 3 Méint am Schäfferot weider intensiv un eisem Zil vun der Fusioun.

Ech wënschen Iech nach e schéine Summer.

Marianne Brosius-Kolber

# Bazar op der Héicht

Wéi all Joer waren d'Fraen a Mammen aus eiser Gemeng während de Wanterméint ganz kreativ an op Ellesonndeg hu si hir Wierker dun um Bazar ënnert d'Leit bruecht.

Och déi vill selwergebake Kuchen hunn hir Amateure fonnt an um Enn vum Nomëtteg waren d'Dëscher souwäit eidel an d'Keess gutt gefëllt.
E grousse Merci allen, déi gehollef hunn, dass 2000 € konnten un d'Haus OMEGA iwwerwise ginn!

Text a Fotoen: Simone Majerus







# Opgepasst Klibberkanner ënnerwee

„Dik Dik Dak, Dik Dik Dak muer ass Ouschterdag“, sou hunn d'Klibberkanner gesongen, wéi se Karsamschdeg mat hire schéi geräschtene Ween duerch d'Gemeng ophiewe gaange sinn. D'Duerfleit hu sech net huele gelooss an hunn den Dingscht vun de Kanner mat Ouschtereeër, Séissegkeeten an eppes fir d'Spuerschwäin belount.
Virum agréablen Deel huet et awer geheescht, vu Gréngendonneschdeg bis Karsamschdeg um Dill ze sinn. Fir d'Kiercheklacken, déi der Legend no op Roum beichten sinn, z'ersetzen, sinn déi Jonk an hirer Schoulvakanz scho fréi moies opgestan, fir sech mat hiren Holzinstrumenter ze versammlen an mat hirem Gesang d'Leit an d'Kierch z'invitéieren.
E grousse Merci deene „Groussen“, déi d'Kanner begleet hunn an hir Erfahrunge viruginn hunn, fir datt d' Traditioun vum Klibberegoen an eisen Dierfer erhale bleift. E Merci awer och fir d'Opstelle vun de „Klibberschëlder“, déi dofir gesuergt hunn, datt d'Kanner all bëssi méi sécher ënnerwee woren.

Text: Chantal Fohl a Fotoen: Chantal Fohl a Luss Brosius











# Klimapakt-Konferenz

De Klimapakt ass vun der Regierung an d'Liewen geruff ginn, fir mat de Gemengen e bindend Ofkommes anzegoen, wou Gemengen sech verflichten, bis 2020 Aktiounen z'ënnerhuelen, fir ëmweltschiedlech Gasen ze verrengeren a Waasserwirtschaft, Offallenstsuergung a Mobilitéit méi ëmweltfrëndlech an nohalteg ze gestalten.
D'Aktioune bestinn ënnert anerem doran, fir d'Management vum Energieverbrauch vun de kommunalen Ariichtungen ze verbesseren. D'Gemengen sollen och d'Bierger duerch Sensibiliséierung, Berodung an Informatiounen zu enger méi nohalteger Astellung an Aktiounen bewegen. D'Aktioune gi rigurös ofgewéckelt no der EEA (European Energy Award) Zertifizéierung op Basis vum engem Moossnamekatalog, deen déi verschidde Punkten am Detail beschreift, un deene muss geschafft ginn.

D'Gemeng huet e Klimateam zesummegestallt, wou d'Politiker, d'Gemengeservicer an d'Bierger vertruede sinn. Am Prinzip kënnt dës Equipe eemol am Mount zesummen a gëtt vun engem externe Klimaberoder a sengen Aarbechten ënnerstëtzt, deen och dofir suergt, datt d'Methodologie agehal gëtt, wat awer der Innovatioun keen Ofbroch soll doen.

De Klimaberoder gëtt vum Stat bis zu engem gewësse Mooss bezuelt. D'Gemeng kritt och Subsiden, wann se Kriterien vum Moossnamekatalog bis zu engem gewësse Grad erfëllt. Wat Resultater besser sinn, wat Subsidë méi grouss sinn. Dëse Katalog begräift iwwer 60 Punkten a gruppéiert folgend Beräicher:

- Entwécklungsplanung a Raumuerdnung
- Kommunal Gebaier an Anlagen
- Versuergung an Entsuergung
- Mobilitéit
- Intern Organisatioun vun der Gemeng
- Kommunikatioun a Kooperatioun

Den Istzoustand vun der Gemeng ass erfaasst ginn a verschidde Moossname sinn schonns an d'Wee geleet ginn. Op Grond vun de Resultater gëtt e kommunalen Aarbechtsprogramm erstallt.
D'Klimateam schafft schonns vu Mëtt 2013 un. Den 13. Mee 2014 wor e Workshop, fir d'Bierger iwwert déi éischte Resultater z'informéieren a mat hinnen ze diskutéieren. Leider haten net vill Bierger de Wee an Veräinshaus fonnt.
Am Moment ginn d'Aarbechten roue gelooss, well déi Responsabel decidéiert hunn, ze waarden, bis d'Gemeng Fiels um nämlechten Niveau ass wei d'Gemeng Fëschbech.



Text: Jang Leick a Fotoen: Ren Spautz





# Der Aufbau des Naturparks Mëllerdall schreitet voran!

Seit der letzten großen Konferenz in Steinheim (12.10.2013) haben sich die Naturpark-Arbeitsgruppen in Eppeldorf (20. & 21.11.2013) und Beaufort (22.3.2014) getroffen, um am Aufbau des Naturparks zu arbeiten. Darüber hinaus fanden Informationsveranstaltungen für die Landwirte der Naturparkregion (3.2.2014) und für die Mëllerdaller Produzenten statt (24.2.2014). Eine weitere Versammlung wurde zusammen mit dem regionalen Tourismusverband ORT MPSL für die touristischen Akteure organisiert (7.4.2014).
Auf einer weiteren Naturpark-Konferenz, am 28. Juni in Born (Centre polyvalent, 9:00-13:00), wurde der Entwurf der Etude Détaillée vorgestellt. Dieses Dokument, das als Fahrplan für die nächsten 10 Jahre des Naturparks zu verstehen ist, war ca. eine Woche zuvor auf der Internetseite www.naturpark-mellerdall.lu einsehbar, um so gut wie möglich über den Aufbau des Naturparks zu informieren.
Leitthemen des Naturparks Mëllerdall:
Ein Naturpark muss sich in seinen Aufgaben einschränken, um erfolgreich zu sein – „er kann nicht alles machen“. Aus diesem Grund wurden sechs Leitthemen ausgewählt:

1. Liewenswäert Regioun
2. Wësse virugin
3. Regional Produiten
4. Holzregioun
5. Villfälteg Landschaft
6. Autark Waasserregioun

Diese Leitthemen, die auf der Basis des Naturparkgesetzes, der Etude Préparatoire, der Ergebnisse der Arbeitsgruppen und der eingereichten Projektideen entwickelt wurden, werden die Schwerpunkte in der künftigen Naturparkarbeit bilden.

Kontakt:
Claude Petit – Syndicat Mullerthal
8, rue de l'Auberge
L-6315 Beaufort
Tél.: +352 26 87 82 91
E-Mail: claude.petit@naturpark-mellerdall.lu

**www.naturpark-mellerdall.lu**
**Besuchen Sie uns auch auf Facebook!**

Naturpark
Mëllerdall










# Flantermausluck

## vum Olivier Molitor

Déi meescht vun Iech kënne sech nach bestëmmt un déi 9. Europäesch Nuecht vun de Flantermais erënneren, déi den 02. Juli 2005 och bei eis zu Fëschbech ofgehale gouf. Bei dëser Geleeënheet konnt een en intressanten Abléck an d'Liewensweis vun der Flantermauskolonie vum Gousse Mausouer (Myotis myotis) an eiser Fëschber Kierch gewannen, wou ënnert anerem eng Live-Iwwerdroung vun der Kolonie mat Hëllef vun enger Infraroutkamera ugebuede gouf.
Allgemeng ass leider festzestellen, datt an deene leschte Joere vill Kolonien uechter d'Land dramatesch agebrach sinn, ënnert anerem bedéngt duerch de Réckgang vun der Biodiversitéit an duerch den Asatz vu Pestiziden, well der Flantermaus hir Haapternährungsquell sinn d'Insekten.
Och eis Kolonie an der Fëschber Kierch ass leider vun ongeféier 400 Déieren am Joer 1993 mëttlerweilen op 20 Individuen zréckgaang!
Fir op d'mannst sécher ze stellen, datt net bei Aarbechten um Daach oder um Kullang ongewollt d'Afluchsméiglechkeeten deelweis oder ganz ënnerbonne ginn (dat sinn e puer ganz kleng Lächer), hu mer eng Flantermausluck an den Daach abaue gelooss, fir esou irreversibel ze garantéieren, datt d'Flantermais ëmmer Zougang zu hirem Summerquartéier hunn. D'Flantermais fléien awer net direkt eran, mee fir d'éischt lande s'um Briet (Skizz), da krabbele s'erop (duerfir gëtt do en ongehuwwelt Briet geholl) an dann eréischt fléie se eran. Déi enkste Plaz an der Luck ass och nëmme 4 bis maximal 7 cm héich, fir datt z.B. keng Dauwen erafléie kënnen.
Den 12. Mäerz dëst Joer huet d'Firma Daubenfeld Frères vu Guedber (Succ. Schockmel) dës Aarbechten duerchgefouert. D'Flantermais wäerte sech bestëmmt freeën, wa si elo jee no Witterung, vu Mëtt Abrëll un, aus hirem Wanterquartéier zréckkommen.
Et ass nach nenneswäert ze bemierken, datt mer den Dag drop och am Daach vun der Fielser Kierch esou eng Luck agebaut hunn, wou och eng kleng Kolonie sech am Summer ophält.















# Hobby-Seite

## Julien Brust
## Fischbach



Julien Brust, Jahrgang 2001, also knapp über 13 Jahre alt, ist sportlich aber schon ein Großer.

Irgendwie liegt das Sportliche in der Familie, der Vater läuft, der Bruder läuft und Julien...

Julien hat sich noch nicht festgelegt. Tendiert zwischen Laufen, Fahrradfahren und Schwimmen, also der klassische Triathlet. Aber auch hier ist eine Disziplin, die Julien nicht so sehr anspricht, nämlich das Schwimmen. Was bleibt, ist das Laufen und Fahrradfahren und so werden wir in naher Zukunft sicher etwas über den Duathleten Julien Brust hören und lesen.



Aber alles mal schön der Reihe nach. Julien bekam letztes Jahr seine erste Lizenz, dies beim Celtic Diekirch, wo er seinen Sport betreibt und betreut wird.

Dies bedeutet einen nicht unwesentlichen Zeitaufwand, so gut für Julien als auch für seine Eltern.

Die Trainingseinheiten beim Laufen finden montags, mittwochs und freitags statt. Dienstags und donnerstags ist Fahrradfahren angesagt. Die Trainingseinheiten so gut beim Laufen als auch beim Fahrradfahren, liegen bei 2 Stunden pro Einheit.

Bei diesem Trainingsaufwand, kann man sich schon leicht vorstellen, dass hierzu eine unheimlich große Motivation vorhanden sein muß und dass Erfolge irgendwann nicht ausbleiben.

Zum Training kommen dann noch die Kompetitionen, meistens an den Wochenenden hinzu.





Die Jahrgänge 2001-2002 messen sich bei den Scolairs gegen ihre Mitfavoriten und um nur einige Zahlen zu nennen, was hier schon erreicht wird, sehen wir an Hand der Zeiten, die Julien momentan realisiert:

1000 Meter in 3 Minuten 16 Sekunden
5000 Meter in 21 Minuten
10000 Meter in 44 Minuten

Diese Zeiten sind für einen jugendlichen Läufer Top-Zeiten. Es sind diese Zeiten, die die nötige Motivation bringen, um diesen hohen Trainingsaufwand zu bewältigen.

Genau wie Juliens Resultate in Echternach, rundum den See, 7500 Meter in 30 Minuten.

Platzierungen hatte Julien beim Sylvesterlauf in Ramerech, wo er einen 3. Platz belegte, in Langsur gar einen 2. Platz. Beim Tageblatt-Cross wurde er unter vielen Sechster und beim Cross-Duathlon in Tuntange, eine Disziplin, wo 800 Meter gelaufen werden und 3 Kilometer Fahrradfahren mit abschliessendem 400-Meter-Lauf belegte Julien den besten Platz, er wurde Sieger bei diesem anspruchsvollen Duathlon in seiner Klasse.

Im Winter ist Crosslaufen angesagt, eine Disziplin, die Julien liebt, ist nicht so eintönig als Pistenlauf.

Da kann ich nur sagen: Freuen wir uns auf den Winter und den weiteren sportlichen Verlauf von Julien Brust.



Text: Ren Spautz
Fotos: Sammlung Julien Brust






# Eng nei Camionette

## fir d'Gemeng Fëschbech

Ufank Juni gouf dem techneschen Déngscht aus der Gemeng Fëschbech, eng nei Camionnette iwwereecht. Bei dëser klenger Feier waren d'Buergermeeschtesch, d'Marianne Brosius-Kolber, déi zwee Scheffen, Marco Karier an Simone Majerus-Schmit, an d'Gemengeréit, Frank Daems a Marie-Louise Haas-Erpelding, dabäi.

D'VWs-Camionette, déi ëm di 25.000 € kascht huet, ass geliwwert ginn vun der Garage Pepin vun Angelduerf, den techneschen Equipement an der Camionnette ass vun Auto-Parts vun Uewerfeelen agebaut ginn, zum Präis vun 3200 €. Dëst Gefier gëtt haaptsächlech fir den Entretien vum eegene Waasserréseau agesat.

Foto vu lénks no riets: Frank Daems, Marco Karier, Marie-Louise Haas-Erpelding, Marianne Brosius-Kolber, Simone Majerus-Schmit, Mike Karger, Christian Molitor, Romain Beckers, Patrick Delmarque , Gilberto Dinis.

Text a Foto: Ren Spautz





# Ausfluch mam Gaart an Heem Gemeng Fëschbech op Zülpich

Den 28. Juni si mir op Zülpich op d'Landesgartenschau gefuer. War d'Wieder muerges och nach ganz schéin, sou huet dat sech an der Mëttesstonn awer ganz séier geännert. An amplaz déi eng oder aner schéi Blummeknoll mat heem ze huelen, ass méi wéi ee Prabbeli kaaft ginn.

Dat huet eiser flotter Equipe awer d'Laun net geholl, ganz am Géigendeel. Beim Rendez-vous am Bus, koume gutt gelaunte Leit mat Planzen an och ganz vill nei a flott Iddie vun der Gartenschau erëm.

An esou si mir dann och heem gefuer, net ouni nach e gemittlecht Owesiessen zu Irrel zou eis ze huelen.







Text: Dani Hermes a Fotoen: Rol Miny



# Kommunion am 18. Mai 2014

**Erste Reihe von links nach rechts:**
Thybo Schockmel, Julie Daems, Raphaël Pereira de Almeida, Rayan Martins Mendes, Emma Konsbruck, Cindy Fernandes, Mike Weyrich, Lee Rippinger, Nancy Lauer

**Zweite Reihe von links nach rechts:**
Charel Karier, Mara Reding, Luca Santos, Sarah Dichter, Marie Kolber, Lara Santos, Max Scholtes, Paulo Gomes Teixeira, Gilles Conrad, Liz Karier

**Dritte Reihe von links nach rechts:**
Danièle Karier-Zenner, Abbé Romain Richer

Text: Andrea Wagner und Foto: Paul Provost

# Senioreveräin Gemeng Fëschbech
# Dagesausfluch



De 7. Mee hate mir eisen traditionellen Dagesausfluch, dee dëst Joer an den Oste vun eisem schéine Ländche gemaach ginn ass.



Fir d'éischt hu mir den Dréckereimusée "Kulturhuef" zu Maacher besicht. Eise Jang Bück an den Här Emile Arend hunn eis ageweit an dem Gutemberg seng Dréckereikonscht. E grousse Merci u si zwee.



Nom Mëttegiessen am Restaurant Kinnen zu Bäerdrëf hate mir eng Visite guidée an der Kéiserei Schmalen-Brouwer, wou eis de Chef perséinlech dee ganze Virgank erkläert huet, vun der Mëllech bis zum fäerdege Kéis. Säit 1984 gëtt hei aus Kou- a Geessemëllech Kéis gemaach z. B. de Roude Bouf. Och huet dëse Betrib e Boutique, wou all déi Produkter verkaaft ginn.



Duerno hate mir nach eng Visite an der Glasbléiserei Pascale Seil, wou mir gesinn hunn, wéi aus enger Mass "Rohmaterial" wonnerschéi Saache gemaach ginn.

Domat ass e flotten Dag mat zefriddene Leit op en Enn gaang.

Text a Fotoen: Marie-Louise Haas Erpelding

# 3. Formatioun fir Schoulweebegleeder an der Angsber Schoul

22 Schüler aus de Cyclen 3 a 4 waren den 29. Mäerz 2014 derbäi, wéi an der Angsber Schoul eng weider Formatioun ugbuede ginn ass. Ënnert der kompetenter Leedung vun den Hären André Leick a Patrick Eiffes vun der Police Grand-Ducale, kruten eis Schüler während 7 Stonne gewisen, wat et heescht, Schoulweebegleeder ze sinn.

Bei dësem flotte Projet geet et drëm, dass déi grouss Schüler léieren, wou a wat fir eng Geforen um Schoulwee laueren a wéi dass ee sécher an d'Schoul kënnt, egal ob zu Fouss oder mam Schoulbus. Mee et ass och vill iwwert de Begrëff ,,Zivilcourage'' rieds gaang. D'Schüler wësse lo besser wéi virdrun, wéi een hëllefe kann ouni sech oder anerer a Gefor ze bréngen, wéi ee Konflikter ka verhënneren oder fréi erkennen a wéi si sech an deem Fall richteg verhale sollen.

D'Schüler hunn och geléiert, wéi wichteg et ass, am Team zesummen ze schaffen a wéi ee gutt mateneen eens gëtt. Aplaz ze streiden oder ze schloen, schwätzen eis nei Schoulweebegleeder ënnerteneen a mat de bedeelegte Persounen. Wann dat kee wichtege Message ass?

Mat Gespréicher a mat Rollespiller, mat Biller a mat Filmer a mat engem léierräiche Fousstouer ass déi Formatioun op eng ofwiesslungsräich Aart a Weis ofgelaf. D'Kandidate waren dofir och mat vill Begeeschterung an Opmierksamkeet bei der Saach, et konnt ee spieren, dass si sech intresséiert hu fir d'Saach a vill Spaass haten. Besonnesch flott war och eist gemeinsamt Mëttegiessen, dat mir vun e puer hëllefsbereeten Elteren an der Maison Relais virbereet an zervéiert kruten.


E puer Deeg méi spéit goufen eis nei Schoulweebegleeder du belount mat engem Diplom a mat engem Badge fir un d'Gezai ze spéngelen. Déi kleng Feier war a Präsenz vu villen Erwuessenen, déi domat de Kanner hir Leeschtung unerkannt hunn.

Text a Fotoen: Edmond Haas










116111









## Compte rendu de la réunion du conseil communal du 23 mai 2014

Présents: M./Mme Brosius-Kolber, Karier, Majerus-Schmit, Trausch, Daems, Haas-Erpelding

1. Procès-verbal de la séance du 13 mars 2014, approuvé à l'unanimité des membres.

2. Etat des restants à recouvrer de l'exercice 2013.
   Le receveur présente l'état des restants à recouvrer au montant total de 31.380,32 EUR. Sont approuvés à l'unanimité des membres un total des restants à poursuivre au montant de 31.325,92 EUR et un total des décharges au montant de 54,40 EUR.

3. Est décidé le déclassement des parcelles portant les numéros cadastraux 1/790, 1/791, 1/840 et 1/841, section D de Schoos de la commune de Fischbach, du domaine communal public en domaine communal privé (à l'unanimité).

4. Sont approuvés les compromis de vente conclus entre le collège échevinal et les acquéreurs M. et Mme Diederich-Scheitweiler et M. et Mme Streff-Ralinger concernant la vente des parcelles portant les numéros cadastraux 1/790, 1/791, 1/840 et 1/841, section D de Schoos de la commune de Fischbach (à l'unanimité).

5. Est approuvé l'acte notarié du 3 avril 2014 entre la commune de Fischbach et la société COPROM SA relatif à la cession gratuite d'une emprise au lieu-dit « Im Batz » à Fischbach (à l'unanimité).

6. Vote de crédits supplémentaires dans le budget de l'exercice 2014.
   a) devis et crédits, source Laangegronn 80.000 Eur, à l'unanimité
   b) crèche, 5.000 Eur, à l'unanimité
   c) place publique, 1.500 Eur, à l'unanimité
   d) Museksschoul, 2.000 Eur, à l'unanimité.

7. Fixation des taux communaux pour l'année 2015.

| | | | |
|---|---|---|---|
| Impôt foncier | A : | propriétés agricoles et forestières : | 320 % |
| | B1 : | Constructions industrielles et commerciales : | 450 % |
| | B2 : | Constructions à usages mixte : | 450 % |
| | B3 : | Constructions à autres usages : | 450 % |
| | B4 : | Maisons unifamiliales, maisons de rapport : | 165 % |
| | B5 : | Immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation | 500 % |
| | B6 : | Terrains à bâtir à des fins d'habitations | 600 % |

   Impôt commercial : Est décidé de fixer le taux de l'impôt commercial pour l'année 2015 à 300%.

8. Est pris connaissance du PPF 2014 (exercices 2015, 2016 et 2017) présenté par le collège échevinal.

9. Sont approuvés trois contrats de travail à durée déterminée (=> 15/07/2014) relatifs à la fonction d'accompagnateur de bus :
   Rita Karier-Berens, demeurant à 6, rue de Glabach, Angelsberg
   Laëtitia Dieterlen-Vanhamme, demeurant à 7, Laang Roepper, Schoos
   Brigitte Fernandes-Ney, demeurant rue de Schoos, Angelsberg.

10. Est reporté la décision relatif à l'élaboration d'un avis relative au projet de règlement grand-ducal déclarant la zone humide « Keidenger Brill » comme zone protégée d'intérêt national sous forme de réserve naturelle.

## Compte rendu de la réunion d'urgence du conseil communal du 27 mai 2014

Présents: M./Mme Brosius-Kolber, Karier, Majerus-Schmit, Trausch, Daems, Haas-Erpelding

**Point de l'ordre du jour:**
**No 1**

***Objet: Avis relatif au projet de règlement grand-ducal déclarant la zone humide « Kéidenger Brill » comme zone protégée d'intérêt national sous forme de réserve naturelle***

**Le Conseil communal,**

Vu la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;

Vu la loi du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles ;

Considérant qu'une réunion d'information relative au projet dont objet fut organisée à Schoos, le 18 mars 2014 ;

Notant que conformément à l'article 42 de la loi du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles, ledit projet a été publié à la maison communale du 28 mars au 28 avril 2014 ;

Vu les objections de Monsieur Marc Kolber datées au 25 avril 2014 ;

Notant que dans la séance du conseil communal du 23 mai 2014 où l'avis relatif au projet faisait partie de l'ordre du jour, 72% des agriculteurs de la commune de Fischbach ont participé et ont montré leur solidarité aux confrères concernés et leur insatisfaction vis-à-vis du projet actuel présenté ainsi que vis-à-vis de la démarche appliquée dans ce dossier ;

Précisant que le conseil communal a reporté la décision concernant l'avis dont question ;

Notant que la plus grande partie de la zone prévue est située sur le terrain de la Commune de Fischbach et que notre conseil est tenu de faire le maximum pour défendre les droits de ces citoyens ;

Considérant que nous sommes convaincus que nos propositions ci-après pourront servir à satisfaire les acteurs concernés et en outre valoriser notre environnement apprécié.

Après discussion et conformément à la loi

**à l'unanimité des membres votants**
**(art. 20 l.c., Mme Brosius-Kolber ne prend pas part ni aux discussions ni au vote)**

**avise défavorablement**

le projet de règlement grand-ducal déclarant la zone humide « Kéidenger Brill » comme zone protégée d'intérêt national sous forme de réserve naturelle vu que plusieurs points des articles 3 et 4 ne sont ni compatibles avec l'état réel de la zone concernée ni avec les intérêts des propriétaires, les citoyens de la Commune de Fischbach en cause.

En ce qui concerne la zone humide « Kéidenger Brill », laquelle se situe en partie majoritaire sur le terrain de la commune de Fischbach, nous nous rendons compte qu'il existe actuellement un énorme potentiel au niveau de la biodiversité (flore et faune).
Nous nous permettons de vous rappeler que ce potentiel est si élevé, parce que depuis au moins 40 à 50 ans les agriculteurs (propriétaires et locataires) cultivent leurs terrains sur le site en question, avec responsabilité,

savoir-faire et respect vis-à-vis de l'environnement !

Par contre, le projet de règlement grand-ducal présenté aux propriétaires et locataires concernés par entre autres Monsieur Gilles Biever du Ministère de l'Environnement lors d'une séance d'information le 18 mars 2014 à Schoos, forcera les agriculteurs à un changement de leurs bonnes pratiques de cultivation.
Notre conseil est d'unanimité d'avis que la modification des activités agricoles, qui se sont d'ailleurs affirmées comme adéquates et améliorantes pour la biodiversité, pourrait plutôt réduire l'état en biodiversité des parcelles en question.
D'autant plus, les présentateurs du projet de règlement ont confirmé lors de la présentation du projet que c'est grâce aux méthodes de cultivation des dernières 50 années qu'on profite actuellement d'une richesse pareille en biodiversité, donc pourquoi changer les bonnes pratiques ? (never change a winning team !)

Article 3 - Points non-compatibles

- Les terrains agricoles dans les deux zones concernées ne représentent que des prairies destinées au pâturage ou au fauchage. L'interdiction de l'emploi de fertilisants (minéraux et organiques) aurait une forte diminution en récolte de fourrage et de foin comme conséquence.
D'un côté, le propriétaire agriculteur, sera obligé d'approvisionner ces stocks pour l'hiver par l'achat de foin, de l'autre côté le locataire agriculteur ne sera plus intéressé à un bail rural qui ne lui permet pas de gagner une récolte.

- Les prairies surtout dans le sud des deux zones prévues sont marquées depuis 50 ans par des douves de drainage, nécessaires pour régulariser les eaux superficielles. Il est témoigné entre outre par les agriculteurs eux-mêmes, expérimentés depuis des décennies au niveau des prairies humides, que le levage des douves de drainage dans le rythme de 3 à 4 ans sera indispensable pour garantir l'accès des machines agricoles à plus ou moins long terme.
En outre, le non-levage des douves de drainage pourrait causer des dégâts importants sur la biodiversité, plus précis sur la flore, notamment sur les espèces menacées.
Leur existence affirme que le drainage des prairies a eu un effet positif sur la biodiversité et non le contraire !

Dans le cas d'une réalisation du projet sous sa forme actuelle, laquelle ne sera pas soutenue par la Commune de Fischbach, la perte en valeur des terrains concernés pour leurs propriétaires, devra être indemnisée telle que la perte en récolte.

Constatations

Lors de l'analyse du dossier, qui a été envoyé à notre secrétariat communal par Monsieur le Commissaire de district, nous avons pu consulter plusieurs avis du Conseil supérieur pour la protection de la nature (CSPN) (25.10.2007 ; 12.07.2012 ; 7.12.2012) ainsi qu'un avis de la Chambre de l'Agriculture (16.04.2013).

Le CSPN a formulé en date du 25 octobre 2007 l'extrait suivant :
**Propositions du CSPN :** …. *L'emploi d'engrais (minéraux ou organiques) et de pesticides ne peut être interdit totalement tant qu'il y a des labours compris dans la réserve. La suggestion serait de changer les limites de telle manière à exclure les labours, de cette façon le règlement pourrait rester comme il est proposé, incluant l'interdiction totale de l'emploi d'engrais et pesticides. …..*

*Le CSPN a formulé en date du 12 juillet 2012 l'extrait suivant :*
**Avis du CSPN :** …. *Il faudra éviter d'inclure des terrains agricoles en zone A (sauf des terres non utilisées sur lesquelles un biotope s'est établie) et d'autoriser des exploitations agricoles en zone B. …..*

La Chambre de l'Agriculture a formulé un avis au projet le 16 avril 2013 d'après lequel elle se constitue pour l'exploitation de l'agriculture sur les zones concernées d'une façon comme auparavant.

**Extrait Avis de la Chambre de l'agriculture :** …. *Tant que l'agriculteur ne modifie pas, par ses activités agricoles, significativement l'équilibre d'un habitat, il peut continuer de travailler comme auparavant. ….*

*Réflexions :*

*Les réflexions et les avis du CSPN tel que de la Chambre de l'Agriculture n'ont pas été considérés, autrement le projet du règlement grand-ducal aurait tout à fait un autre contenu.*

*Propositions :*

*Le conseil communal de la commune de Fischbach se permet de vous proposer par la présente deux modifications du projet de règlement grand-ducal, permettant de satisfaire la plupart des parties affectées dans cette affaire. Nos propositions se basent sur les témoignages des agriculteurs travaillant sur le terrain et sur les avis du CSPN et de la Chambre de l'Agriculture.*

**Proposition 1a :** (avis du CSPN / 12.07.2012) *Il faudra éviter d'inclure des terrains agricoles en zone A (sauf des terres non utilisées sur lesquelles un biotope s'est établie) et d'autoriser des exploitations agricoles en zone B.*

*Ceci permettra à l'agriculteur d'exploiter ces terrains dans une Zone B élargie comme auparavant.*
*La Zone A se constitue à ce moment des parcelles de roseaux, des terres non utilisées et de l'Ernz blanche.*

**Proposition 1b :** il faudra mentionner dans le règlement grand-ducal que le levage des douves de drainage existant sera autorisé à l'aide d'une machine agricole, dans le rythme de 3 – 4 années.

Ceci permettra de garantir la réserve de la biodiversité élevé actuelle ainsi que
l'accès aux terrains agricoles en cause ainsi que leur exploitation agricole.

*****

## Compte rendu de la réunion du conseil communal du 12 juin 2014

Présents: M./Mme Brosius-Kolber, Karier, Majerus-Schmit, Daems. Absents: Trausch, Haas-Erpelding

1) Sont approuvés les comptes rendus des séances du 23 et 27 mai 2014 (à l'unanimité).

2) Est proposé de réaffecter Madame Manon BASTIN, née le 08/11/1989 au poste vacant d'instituteur C2-4 sur 100 % de l'enseignement fondamental de la commune de Fischbach à partir de l'année scolaire 2014/2015.

3) Est décidé à l'unanimité :

**Article 1:**
Il est procédé à un référendum pour consulter les corps électoraux des communes de Fischbach, Larochette et Nommern sur la fusion de ces communes, le dimanche 9 novembre 2014.

**Article 2 :**
La question à soumettre aux électeurs est formulée dans les termes suivants :
Êtes-vous d'accord avec la fusion des communes de Fischbach, Larochette et Nommern avec effet au 01.01.2018?

Sind Sie einverstanden mit der Fusion der Gemeinden Fischbach, Fels und Nommern, mit Wirkung ab dem 01.01.2018?

Sidd Dir averstanen mat der Fusioun vun de Gemengen Fëschbech, Fiels a Noumer, mat Wierkung vum 01.01.2018 un?

Est déclarée l'intention en vue de l'adhésion de la commune de Fischbach au syndicat intercommunal de gestion informatique SIGI à partir du 1.1.2015 (à l'unanimité).

*****

## Compte rendu de la réunion du conseil communal du 10 juillet 2014

Présents: M./Mme Brosius-Kolber, Karier, Majerus-Schmit, Daems, Trausch, Haas-Erpelding

**Le conseil décide à l'unanimité de prendre trois points supplémentaires à l'ordre du jour.**

1) Est approuvé le compte rendu de la séance du 12 juin 2014 (à l'unanimité).

2) Est approuvée l'organisation scolaire pour l'année scolaire 2014/2015 (à l'unanimité). Les détails sont présentés par le président du comité d'école Edmond Haas.

3) Est approuvé le plan de réussite scolaire (PRS) pour la période de 2014 à 2017 (à l'unanimité). Les détails sont présentés par le président du comité d'école Edmond Haas.

4) Est approuvé le plan d'encadrement périscolaire (PEP) pour la période de 2014 à 2015 (à l'unanimité). Les détails sont présentés par la chargée de direction de la maison relais Isabelle Hertges.

5) Sont approuvées les démissions de Monsieur Abbes Scholtes et de Madame Viviane Wolff, demeurant 6, rue de Rollingen à Schoos comme membre de la commission culturelle pour des raisons personnelles (à l'unanimité).

6) Dans le cadre du Pacte Climat sont approuvées la charte pour les opérations d'aménagement et de construction durables et les directives de procurations de matériels (à l'unanimité).

7) Divers.

8) Est approuvé l'acte notarié du 3 juillet 2014 au montant de 1.450.000 EUR entre l'Administration communale de Fischbach et Monsieur Paulo ARAUJO GONCALVES et son épouse Madame Lucia AZENHA FARIAS concernant l'acquisition d'une propriété avec immeuble, n° cadastral 354/1369 contenant 44 ares 64 centiares et située 4, rue de Schoos à L-7410 Angelsberg (à l'unanimité).

9) Est approuvé un contrat de bail à loyer entre la commune et Monsieur Paulo ARAUJO GONCALVES et son épouse Madame Lucia AZENHA FARIAS concernant la location d'un appartement dans l'immeuble, sis 4, rue de Schoos à L-7410 Angelsberg ainsi qu'un abri de jardin situé derrière la grange (à l'unanimité).

10) Est votée une participation communale au montant de 2.339,48 EUR en vue de la rénovation de l'orgue de l'église à Angelsberg sous condition toutefois que la Fabrique d'église fasse des efforts pour financer sa part et d'éviter ainsi un déficit lors de la clôture des comptes annuels de l'exercice 2014 (à l'unanimité).

11) Est décidé de prendre l'initiative et d'élaborer le Plan d'Aménagement Particulier « Um Bechel » à Angelsberg (à l'unanimité).



1. Reihe von links nach rechts: Karier Luss, Seil Marco, Kolber Marc

2. Reihe von links nach rechts: Kolber Marianne, Mersch Marianne, Spiewak Tina, Holzmacher Maggy, Simon Viviane

3. Reihe von links nach rechts: Seil Annette, Holzmacher Christiane, Weisgerber Florence, Pletschet Marianne, Fischbach Triny



# Konveniat der Jahrgänge 1960-64 Gemeinde Fischbach

Es waren Liz Fischbach (die leider an diesem Tag nicht dabei war), Christiane Holzmacher und Marc Kolber, die dieses Konveniat organisierten.

Man traf sich bei der Schule in Angelsberg, von wo man nach Fischbach fuhr um hier die Ortschaft per Spaziergang zu erkunden.

Am Abend traf man sich in der „Hostellerie de la Vallée in Heffingen/Soup zum gemeinsamen Abendessen.

Text: Ren Spautz a Foto: Martine Simon

# Schatzkëscht Buedem an Bëschaarbecht fréier an haut

Dass eise Buedem déi zentral Liewensgrondlag fir Planzen, Déieren a Mënschen ass, hu wuel déi meescht vun eis mëttlerweil erkannt. Dass et dofir ëmsou méi wichteg ass den nofolgende Generatiounen dës Erkenntnis esou fréi wéi méiglech ze vermëttelen versteet sech vum selwen. Eng flott Geleeënheet, fir d'Ëmweltkommssioun aus der Gemeng Fëschbech war deemno déi gratis Offer vum Naturmusée ze ergräifen an d'Wanderausstellung « Schatzkëscht Buedem » vum 3. bis den 8. Mee an eisem Veräinshaus « Op der Héicht » zu Schous opzeriichten.

Op sëllege Fotoen a Biller goufen de Visiteuren d'Gefore méi no bruecht, deenen eis Biedem weltwäit awer och an eisem klengen Ländchen all Dag ausgesat sinn, wéi zum Beispill Erosioun, Verloscht u Biodiversitéit, stännegen Bevölkerungswuestëm mat als Konsequenz Deels iwerdriwenem an onkontrolléiertem Bauboom.
D'Ausstellung huet awer och Theme wéi Buedemensteeung, Buedemaarten, Buedemorganismen, Buedemnotzung a Buedemschutz a liicht verständlechen Texten ugesprach.

War samsdes a sonndes den Intressi vun den Duerfleit dach relativ verhalen trotz gratis Entrée (vläicht wéinst deem schéine Wieder), hu vu méindes bis donneschdes méi wéi 220 Schoulkanner mat hiren Enseignanten vun der Geleeënheet profitéiert, dës Ausstellung op d'Héicht kucken ze kommen.
Niewent allen Cyclen aus der Angsber Schoul, waren op Invitatioun vun der Emwëltkommissioun och 90 Kanner aus de Gemenge Fiels, Noumer an Hieffenech op Schous komm.

Dës Ausstellung war niewent hirem pädagogësche Wäert och en exemplarescht Beispill, wéi ouni Gemengefusioun trotzdeem eng interkommunal solidarësch Zesummenaarbecht méiglech ass a wonnerbar funktionéiert.

D'Kanner aus den Cyclen 3 a 4 konnten op Wonsch e Guide vum Naturmusée sur place hunn, deen 2 Stonnen laang bei Froen ronderëm de Buedem Ried an Äntwert stoung an hinnen détailléiert Informatiounen zur Ausstellung geliwwert huet.
Ze soen all d'Kanner waren hell op begeeschtert an hunn intresséiert nogelauschtert. Eenzel Klassen hunn Notë geholl, déi si spéider an hirem Schoulcours konnte verschaffen. Ganz aktiv gouf un den Buedemexperimenter an um Buerfousswee deelgeholl, wat virun allem fir déi méi kleng eng gelleg Freed war.
Vill vun de klënge Wëssenschaftler hunn déi witzegst Grimasse geschnidden, wéi si mat hirer Lupp eng Hand voll Gaardebuedem analyséiere konnten an dobäi wichteg Buedemliewewiesen wéi Spannen, Larven, Wierm, Schwéngercher, Sprangschwänz, Dausendféissler asw. begéint hunn.

No dem Erliefnës « Schatzkëscht Buedem » krut all Kand e Glas Äppelviz vun der « Äppelpress », offréiert vun eiser Gemeng, ier et dunn erëm zeréck an d'Schoul goung, wou d'Thema Buedem méi wéi sécher nach oft wäert behandelt ginn.

Bei der Geleeënheet vun dëser Expo gouf och d'Ausstellung « Bëschaarbecht – fréier an haut » vum Leader Mëllerdall am Veräinshaus presentéiert an huet e klengen awer intressanten Abléck ginn, wéi schwéier dëst Handwierk virun allem deemools ze bewältege war.

E grousse Merci un all d'Visiteuren, ob grouss oder kleng, fir hiert Kommen, dem Naturmusée mat hire Guidë Chantal Kerschen a Marie-Jeanne Decker fir dës wonnerbar Aktioun, dem technesche Personal vun eiser Gemeng an dem Schoulpersonal fir déi gutt Coopératioun.

fir d'Kommissioun fir Ëmwelt a Liewensqualitéit aus der Gemeng Fëschbech
Fränk Daems














Verbaute Zukunft?
Bei Fortsetzung des geplanten wirtschaftlichen Wachstums von 4 % pro Jahr, wären 2050 etwa 1.249 km2 oder 48,3 % der Territorialfläche Luxemburgs bebaut!
(Angaben MDDI 2013 und FiFo Studie, Mouvement Ecologique 2011)
Flüsse/Seen
Grünland, Ackerfläche und Wald
Bebauung 2013
13,9 %
Flüsse/Seen
Grünland, Ackerfläche und Wald
Bebauung 2050
48,3 %

# 1. Mee



Wiichtelcher

Theaterveräin





Spuerveräin

# Nationalfeierdag







Fotoen:
Dani Hermes

# 50-Joer-Feier vum Theaterveräin

Den 11. Mäerz 1964 hate sech e puer Leit vun der Fëschber a Schéisser Jugend zu Fëschbech zesumme gesat fir en Theaterveräin ze grënnen. Den éischte President vum Veräin wor mat 17 Joer de Miny's Rol. Déi aner Grënnungsmembere waren deemools: Ries Nico - Vize-president, Kaiser Marie-Claire - Sekretärin, Vaessen Werner - Caissier, Maurer Astrid - Comitésmember, weider Membere woren Bomb Mariette, Eresch Marie-Paule, Heinen Paul, Kaiser Justine, Maurer Léon, Miny Georges, Ries Francine, a Vaessen Heng.
D'Iddi vum Theaterspille gouf et awer scho vill méi laang an eiser Gemeng. Zu Angsbreg hunn d'Pompjeeë schonns virum Krich am Café Theater opgefouert, d'Fëschber Pompjeeën hunn nom Krich Theater gespillt an zu Schous an der Schoul gouf och alt emol e Stéck opgefouert.
Wéi am Mäerz 1964 de Veräin gegrënnt ginn ass, haten d'Memberen hiren éischten Optrëtt schonn hannert sech. An zwar goufen den 2. Februar 1964, ënnert dem Patronat vum Coin de Terre et du Foyer an ënnert der Regie vum Schoulmeeschter Michel Weis, 2 Stécker opgefouert: ‚E Skandal am Weekend-Häischen' an ‚Och eemol Barong', an deem 2 Akteuren (den Tunn's Pol an de Wonesch Leo) an der Schwammbox op der Bühn stoungen.
Duerno ass et viru gaange mat ‚Deen neie Fieschter' an deem ee Member huet missen ënnert d'Bühn krauchen an de Bam, deen zum Dekor gehéiert huet, während der ganzer Virféierung festhalen.
Aus sécherer Quell ass gewosst datt déi éischt Joeren den Text scho bei der éischter Prouf tip top souz. Dat war awer net well si deemools iwwerméisseg fläisseg gewiescht wieren oder Angscht virum Regisseur haten. Neen! Si wollten einfach mat Zäit beim Comptoir gemittlech e Patt zesummen drénken an zesummen op d'Musek vun der Jukebox danzen.
Bei den Theateropféierunge gouf et och ëmmer eng Tombola. Nom Theater gouf et Danzmusek mat Orchester oder et gouf ‚op Plakke gedanzt' wéi dat geheescht huet.
1974 gouf de John Daems den 2. President vum Veräin an 1982 gouf de Misch Daems säin Nofolger. Vun 1984 un war de Guy Kohnen President bis hie vum Mike Daems ofgeléist ginn ass. De Carlo Kraus ass zënter 2005 dee 6. President vum Fëschber Theaterveräin.
Am Joer 1979 ass de Regisseur Michel Weis gestuerwen.Fir kuerz Zäit hat de Gaston Kemp d'Regie iwwerholl, bis hien vum Pit Schlechter ofgeléist gouf. Den Äifer vun deenen éischte Joere war scho laang verflunn an den Text war bei wäitem net méi esou gutt geléiert wéi bei deenen éischten Fëschber Akteuren. De Pit huet déi Aufgab awer ëmmer mat vill Gedold ausgeübt bis hien es awer eng Kéier genuch hat, an ouni e Wuert ze soe bei der Prouf opgestanen an heem gaangen ass. Dorops hinn hunn e puer Memberen hire ganze Charme agesat an him dat Blot vum Himmel gelunn a gesot si wiere vun elo aus un ëmmer fläisseg. Gottseidank huet hien et gegleeft an hien war bis Enn den 90er Joeren eise Regisseur. Duerno huet de Carlo Pletschet déi Charge iwwerholl an zënter 2003 mécht d'Triny Fischbach d'Regie.
Och wann de Wiirt am Café ‚Le Sanglier' zu Fëschbech alt emol geännert huet, d'Theaterowenter waren iwwer Joeren e feste Bestanddeel vum Fëschber Veräinsliewen. Wéi de Café eidel stoung a kee Wiirt méi ze fanne war, hunn d'Membere mat Genehmegung vun der Brauerei a mat vill Asaz derfir gesuergt, datt d'Theaterowenter konnten ofgehale ginn. Wéi de Café zu Fëschbech zougemaach huet, si mir vun 1999 bis 2005 am Centre Culturel an der Fiels opgetrueden. 2006 stoungen eis Akteure fir d'éischt op der Bühn am neie Veräinshaus „Op der Héicht" zu Schous. Vu Joer zu Joer ass d'Zuel vun den Zuschauer geklomm an 2012 hate mir fir d'éischt iwwer 1000 Leit aus der ganzer Géigend an doriwwer eraus, déi de Wee op Schous fonnt hunn, fir enger vun eise 4 Opféierunge bäizewunnen. Wëll mir dat lescht Joer vill Interessenten hu missten ofsoen, sinn eis Akteuren dëst Joer fir d'éischt 5 mol opgetrueden.

Fir déi 50 Joer Theaterveräin richteg ze féieren, hate mir als Veräin all eis fréier an aktuell Memberen zesummegeruff, fir samschdes, den 29. Mäerz 2014 e gemittlechen Owend zesummen op der Héicht ze verbréngen.

Iwwert déi lescht 50 Joer gekuckt, hat eise Veräin genau 100 Memberen. Den 29. Mäerz haten 22 aktiv an 34 fréier Membere plus 19 Partner de Wee op Schous fonnt. Vun eisem Gemengerot waren de Schëffen Marco Karier, d'Marie-Louise Erpeldeng, an de Fränk Daems eiser Invitatioun gefollegt. Eis d'Buergermeeschtesch d'Marianne Brosius an d'Schëffin Simone Majerus haten sech entschëllegt.

Nodeems all d'Leit vum President begréisst goufen, huet de Lucien Karier e Réckbléck iwwert déi lescht 50 Joer vum Veräin gemaach. De Pit Schlechter huet duerno nach eng Kéier all d'Leit mat enger witzeger Ried begréisst. Am Hannergrond ass eng Presentatioun mat Fotoe vun deene leschte 50 Joer gelaf.

Vun eise fréiere Memberen hunn eis schonn 6 Leit verlooss: de Paul Heinen, d'Astrid Maurer, den Alfred Pletschet, d'Denise Rehlinger, d'Francine Ries an de fréiere Regisseur Michel Weis. Si hu mat hirer Perséinlechkeet an hirer Aarbecht, hiren Deel zur Geschicht vum Veräin bäigedroen. U si ass an enger Gedenkminutt geduecht ginn.

Zwëschen der Entrée an dem Haaptplat an zwëschen dem Haaptplat an dem Dessert hat de Sänger Steven Pitman jeeweils ee längeren Optrëtt mat Lidder vum Elvis Presley. De Steven ass ee vun deene beschten Elvis – Imitatoren, déi mir de Moment an Europa hunn. De Steven wor ee vun de Finaliste vun den European Elvis Championships zu Birmingham, England, an de Joeren 2012, 2013 an 2014.

Nom Dessert hunn de Pol Daems an den Tun Schlechter als Action DJ's weider bis an de fréie Moie fir gutt Stëmmung am Sall gesuergt.

Text: Triny Fischbach, Lucien Karier a Carlo Kraus a Fotoen: Lucien Karier







# E Schoulfest, emol aanescht!

Bis d'lescht Joer waren d'Schoulfester traditionnell an a ronderëm d'Schoul. Dëst Joer wor et awer eng Première, well et zu Schous am Veräinshaus iwwert d'Bühn gaang ass. An dat suguer wuertwiertlech. Mee eent nom aneren!

Scho säit fréi mueres waren d'Kanner an d'Léierpersonal zu Schous mat Spiller ënnerwee an hu mëttes hir Spaghettie giess, déi wéi gewinnt, vun der Elterevereenegung opgedëscht goufen. Am spéiden Nomëtteg koumen dunn och Elteren, Famill a Frënn mat derbäi, fir sech de Showdeel unzekucken.

Fir d'éischt huet e Groupe ënnert der Leedung vum Ivana gewise, wat se am „Zumba" geléiert hunn, ier dunn de Clou vum Dag gebuede gouf. De George Christen hat nämlech de Wee op Schous fonnt an huet mat sengem professionellen Optrëtt Grouss a Kleng begeeschtert. Datt dobäi allerlee Saache futti gaange sinn, brauch ee jo bei dem stäerkste Mann vu Lëtzebuerg wuel net weider ze erwänen. Kanner, déi hunn däerfe bei hien op d'Bühn fir matzemaachen, waren aus dem Haischen. Och en etlech Erwuessener si gebiede ginn, ze weisen wat se kënnen, mee do war den Enthusiasmus op der Bühn net esou grouss, dofir am Sall ëmsou méi.

Text a Fotoen: Frank Weyrich











# Ortskern in Angelsberg erneuert





Gut ein Jahr nach dem Abschluss der Arbeiten erfolgte vor kurzem die Einweihung der Beringer Straße sowie des Kirchplatzes in Angelsberg.

Wie Bürgermeisterin Marianne Brosius-Kolber erläuterte, wurden dabei sämtliche Infrastrukturen erneuert und weitere angelegt.
Da die Straße bis nach Beringerberg auf das Gebiet der Gemeinde Mersch reicht, war Letztere in das Projekt eingebunden.
In der Ortsmitte wurde der Kirchenvorplatz komplett neu gestaltet – nach dem Prinzip des „Shared space“, wo jeder Verkehrsteilnehmer gleichberechtigt ist und den anderen mit Rücksicht zu begegnen hat. Angrenzend wurde ein Wasser-Spielplatz errichtet, der sich bei den Kindern der Ortschaft bereits großer Beliebtheit erfreut.
Als Zeichen der guten Nachbarschaft lud abschließend der Merscher Bürgermeister Albert Henkel zum Ehrenwein.

Text: Frank Weyrich a Fotoen: Frank Weyrich a Marc Kolber





**Märchenabend**

Am Donnerstag, den 3. April 2014 haben die Kinder des Cycle 1 der „Angsber Schoul“ zu einem Kino-Märchenabend eingeladen. Lange wurde gerätselt, wie die Märchen, die über einen langen Zeitraum hinweg bei unseren jüngsten Schülern behandelt wurden, auf die Bühne zu bringen wären. Das Resultat waren dann 5 kleine Filme, in denen die Kinder als Schauspieler in 5 verschiedenen Märchen zu bewundern waren. „Schneewittchen“ und „Rotkäppchen“ waren mit dabei, aber auch „Hänsel und Gretel“ sowie „Der Wolf und die sieben Geißlein“ und schließlich „Die Bremer Stadtmusikanten“.

Zum Einstieg sangen die Kinder die Lieder, die sie zu den verschiedenen Märchen gelernt hatten. Dann konnte das Kino-Abenteuer im „Veräinsbau“ beginnen, das dank der Unterstützung der Gemeinde Fischbach durch Getränke und Popcorn, ein großer Erfolg wurde.

**Ausflug in den Märchenpark nach Bettemburg**

Im Anschluss an das Thema Märchen, das über einen längeren Zeitraum hinweg im Cycle 1 der „Angsber Schoul“ behandelt wurde, haben die 56 Kinder des Cycle 1 mit ihren Lehrerinnen am Freitag, den 2. Mai 2014 einen Ausflug in den Märchenpark nach Bettemburg gemacht.

Auf dem Programm standen Kletterpartien, eine Rundfahrt mit dem Mini-Zug und natürlich die vielen Tiere, die im Park zu bestaunen sind. Mittags gab es ein Picknick und nachdem alle Spielplätze ausgiebig getestet wurden, ging es dann auch schon wieder zurück nach Angelsberg.

Text: Sarah Bamberg und Fotos: Lehrpersonal, Luss Brosius

# Märchen, Märchen, Märchen...
# im Cycle 1 der „Angber Schoul









# 85 Joer Marguerite Tholl-Dichter



Dëser Deeg huet de Schäfferot aus der Gemeng Fëschbech, d'Buergermeeschtesch, d'Marianne Brosius-Kolber, mat hiren zwee Schäffen, de Marco Karier an dem Simone Majerus-Schmit, der Madame Marguerite Tholl-Dichter mat engem herrleche Blummenarrangement fir hir 85 Joer gratuléiert.

D'Marguerite Dichter ass de 5. Juli 1929 zu Eschduerf op d'Welt komm. De 25. Februar 1952 huet si sech mam Jos Tholl bestuet. 1958 sinn si op Aangelsbierg gezunn, wou si e Bauerebetrib bewirtschaft hunn. 52 Jor ware si zesumme bestuet, bis zum Doud vun hirem Mann am Joer 2004.

D'Jubilarin ass Mamm vun dräi Kanner, zwee Meedercher an engem Jong. Zum weidere Familljekrees zielen haut 7 Enkelkanner a 7 Urenkelkanner.

Haut wunnt d'Jubilarin bei beschter Gesondheet eleng an hirem Haus a besicht zweemol an der Woch de Foyer Elise de Roebe an der Fiels.

Mat engem Patt a Schnittercher an dem Wonsch, datt e nach vill Joer derbäi solle kommen, ass dës sympathesch Feier ausgeklong.

Text a Foto: Ren Spautz

PacteClimat

Ma commune s'engage pour le climat

# Wassersparen im Haushalt 7 effiziente Tipps

1. Duschen statt Baden denn 1 Vollbad = 140 Liter Wasser = 14 Minuten lang duschen = 23 Minuten lang duschen mit einer wassersparenden Brause.

2. Sparsame Duschköpfe = Wassereinsparungen bis zu 50%.

3. Wasser nicht unnötig laufen lassen beim Zähneputzen = Wassereinsparungen bis zu 25 Liter pro Tag.

4. Beim Einseifen unter der Dusche das Wasser komplett abstellen = Wassereinsparungen von 3-10 Liter.

5. Toilettenspülung mit Sparspültaste oder Wasserstop ausrüsten = Wassereinsparungen von 50%.

6. Tropfende Wasserhähne reparieren. Ein Wasserhahn der pro Sekunde einen Tropfen Wasser verliert = 24 Liter Wasser/Tag = 9.000 Liter Wasser/Jahr.

7. Regenwasser auffangen dank Regenwassernutzungsanlage = Wassereinsparungen von 30-40%.

# 7 conseils simples pour économiser l'eau à la maison

1. Prenez une douche plutôt qu'un bain, car une baignoire pleine = 140 litres d'eau = 14 minutes sous la douche = 23 minutes sous la douche avec pommeau de douche à économie d'eau.

2. Équipez vos douches d'un régulateur de débit = jusqu'à 50% d'économie d'eau.

3. Ne laissez pas couler l'eau inutilement lorsque vous vous brossez les dents = jusqu'à 25 litres d'économie d'eau/jour.

4. Coupez l'eau pendant la phase de savonnage = 3-10 litres d'économie d'eau.

5. Installez des chasses d'eau à double commande = 50% d'économie d'eau.

6. Réparez les robinets qui fuient. Un robinet qui fuit à raison d'une goutte par seconde = 24 litres d'eau/jour = 9.000 litres d'eau/année.

7. Récupérez l'eau de pluie grâce à une installation de récupération d'eau de pluie = 30-40% d'économie d'eau.



PacteClimat

Ma commune s'engage pour le climat

# Hitzewelle

## Klimatipps für eine kühle Wohnung

Eine kühle Wohnung im Sommer auch ohne stromfressende Klimaanlage das geht.
Massnahmen und Tricks:

### Ein wirksamer Sonnenschutz

Eine gute Wärmedämmung hilft nicht nur im Winter Wärmeverluste zu vermeiden und Energiekosten zu sparen, sondern hält auch im Sommer die Hitze draußen. Bei großen Fensterflächen nach Süden schützen geschlossene Rollläden vor der Hitze. Wenn von außen keine Rollläden angebracht sind, könnten auch Jalousien oder Vorhänge helfen. Eine äußerst wirksame Kühlung im Sommer und natürliche Schattenspender sind Laubbäume.

### Ausreichende Belüftung

Lüften sollte man im Sommer vor allem während den kühlen Stunden des Tages, also nachts, morgens und abends. Tagsüber sollten Fenster und Türen geschlossen bleiben. Sinken die Temperaturen nachts nicht unter 20°C, dann können aber alle Fenster im Raum vollständig geöffnet werden um einen guten Durchzug mit Ventilator-Effekt zu erzeugen, dadurch wird die Hitze erträglicher.

### Den Verzicht auf überflüssige Wärmequellen

Schalten Sie alle überflüssige elektrische Geräte aus. Sie verbrauchen nicht nur im Stand-by-Betrieb oder mit eingestecktem Stecker Strom, sondern sind auch eine unnötige Wärmequelle.

# Canicule

## Conseils et astuces pour garder la fraîcheur dans votre maison

Garder de la fraîcheur dans votre maison pendant l'été sans utiliser une climatisation énergivore, c'est possible.
Voici quelques bons conseils:

### Une protection solaire efficace

Une maison bien isolée permet non seulement de réduire les dépenses d'énergie et de conserver la chaleur en hiver, mais aussi de garder de la fraîcheur en été. Pour une maison dotée de grandes fenêtres côté sud, les volets doivent rester fermés en journée pour empêcher la chaleur de rentrer. Si par contre la maison ne possède pas de volets, des stores ou des rideaux aident aussi à lutter contre la chaleur. Un autre moyen très efficace et naturel est les arbres qui apportent ombre et fraîcheur.

### Une bonne aération

Il faut surtout bien aérer pendant les heures où les températures sont basses, donc le matin, le soir et la nuit. Pendant la journée les fenêtres et les portes restent fermées. Si pendant la nuit la température ne descend pas en dessous des 20°C, il est conseillé d'ouvrir très grand les fenêtres afin de créer des courants d'air ayant un effet ventilateur, ce qui permet de mieux supporter la chaleur.

### Éviter les sources de chaleur superflue

Débranchez vos appareils électriques non utilisés, car non seulement, ils consomment en mode veille ou branchés, mais sont aussi une cause de chaleur supplémentaire inutile.

